LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Wirtschaftsminister a vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6699 vum 23. August 2022 vum Här Deputéierte Roy Reding a vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

D'Entwécklung vun der Ausfallquot d.h. de Montant vn private Scholden déi net méi zeréckbezuelt kënne ginn (Non-Performing Loans) par Rapport zum Gesamtvolume vu Scholde bei de Stéit zu Lëtzebuerg, ass am Tableau hei drënner a Prozent pro Trimester ofgebillt:

| **Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg (Trimester - %)** | |
|---|---|
| 2017/1 | 1.81 |
| 2017/2 | 1.75 |
| 2017/3 | 1.75 |
| 2017/4 | 1.67 |
| 2018/1 | 1.41 |
| 2018/2 | 1.39 |
| 2018/3 | 1.37 |
| 2018/4 | 1.26 |
| 2019/1 | 1.35 |
| 2019/2 | 1.35 |
| 2019/3 | 1.36 |
| 2019/4 | 1.27 |
| 2020/1 | 1.22 |
| 2020/2 | 1.25 |
| 2020/3 | 1.34 |
| 2020/4 | 1.30 |
| 2021/1 | 1.24 |
| 2021/2 | 1.25 |
| 2021/3 | 1.18 |
| 2021/4 | 1.12 |
| 2022/1 | 1.09 |
| 2022/2 | 1.05 |

Source: CSSF

Et ass an deem Kontext ze bemierken, datt d'Ausfallquot vu private Scholden zu Lëtzebuerg op engem historeschen Déif läit, a Lëtzebuerg aktuell déi niddregst Quote an der EU huet.

D’Entwécklung vun der duerchschnëttlecher Spuerquote vun de Stéit d.h. de Volume vun deem wat gespuert gëtt par Rapport zum Revenu disponible ass am Tableau hei drënner pro Joer opgelëscht:

| **Spuerquot vun den Stéit (Pro Joer/%)** | |
|---|---|
| 2018 | 13.7 |
| 2019 | 14.8 |
| 2020 | 24.7 |
| 2021 | 21.6 |
| 2022 (Prévisioun) | 18.9 |
| 2023 (Prévisioun) | 18.7 |

Source: Statec, Comptes Nationaux (2018-2021); NDC 1-2022 (2022-2023)

Wéi een am Tableau gesäit ass d’Spuerquot 2020 an 2021 méi héich gewiescht. Déi staark Steigerung vu bal +10 Prozentpunkten ass op d’Covid Kris zeréckzeféieren.

An senge leschte makroekonomesche Prognosen, geet de Statec vun enger Baisse vun der Spuerquot fir 2022 aus. D’Spuerquot wäert viraussiichtlech am Joer 2023 weider liicht zeréckgoe fir sech ronderëm en Niveau ze stabiliséieren, deen erëm méi am Aklang mat den historesche Moyenne vun dësem Taux wäert sinn.

An enger klenger oppener Ekonomie mat enger Finanzplaz, déi gréisstendeels international orientéiert ass, gëtt et keng direkt Korrelatioun tëschent der Spuerquot an den Investitiounen an d’Gesamtekonomie.

Lëtzebuerg, den 27/09/2022

De Wirtschaftsminister

(s.) Franz Fayot